mouvement écologique

# Eng Aluedung fir d'Generalversammlung pro Haushalt

## *Invitation to the general assembly per houshold*

Bis elo huet gesetzlech gegollen, datt bei enger Haushaltsmemberschaft, all eenzelnen Member huet missen eng eenzel Aluedung kréien. Vill Memberen hu gesot, dat wär Verschwendung, wat och richteg ass. Elo ass et esou, datt dat aus juristesche Grënn awer net mei néideg ass. Duerfir kritt all Haushalt just nach eng Aluedung per Post. Ma natierlech ass all Member wëllkomm um Kongress a kann natierlech mat ofstëmmen!

*So far, it has been legally required that in the case of a household membership, each individual member must receive a separate invitation to the general assembly. Many members have said that this is wasteful and as Mouvement Ecologique we share this point of view. Now, it is no longer necessary to send several invitations. Therefore, each household will only receive one invitation by mail. But of course, every member is welcome at the congress and can participate in the votes!*

# Abonéiert Iech op d'Newsletter

## *Subscribe to the newsletter*

De Mouvement Ecologique bitt zënter e puer Joer e Service just fir seng Memberen un: eng gratis elektronesch Newsletter, déi reegelméisseg erauskënnt (meeschtens 1 mol d'Woch ausser an de Vakanzen). Doranner fannt Dir Infoen zu den aktuelle Stellungnamen, Veranstaltungen, Opriff....

D'Newsletter ass e wichtegt Kommunikatiounsinstrument.

Duerfir: falls Dir bis elo nach net abonéiert sidd: maacht dat!

Wann Dir eis Newsletter wëllt geschéckt kréie, maacht einfach e Mail un inscription@meco.lu oder schreift Iech an op www.meco.lu/de/uber-uns/newsletter.

*For a few years now, the Mouvement Ecologique has been offering a service mostly for its members: a free electronic newsletter, usually sent out on a weekly basis (except during holidays). The newsletter contains information about current position papers, activities, events of the Mouvement Ecologique and more.*

*The newsletter is an important communication tool and since February 2024, it is available in English.*

*Therefore, if you haven't subscribed yet, please do so now !*

*If you would like to receive our newsletter, simply send an email to inscription@meco.lu or sign up at : https://www.meco.lu/en/about-us/newsletter/*

# Keng Memberskaarte méi

## *No more membership cards*

Fir Käschten an administrativen Opwand ze spueren, verschéckt de Mouvement Ecologique wéi och aner asbl'en ab 2024 keng Memberkaarte méi. Eigentlech ginn se net wierklech gebraucht.

Mir hoffen, datt Dir als Member dat begréisst! Fir de Kongress, wou just Membere stëmmberechtegt sinn, ass dat kee Problem. Mir gesi jo an eisem Fichier , ob Dir Member sidd, wann Dir eis Äre Numm sot.

*To save costs and administrative effort, starting from 2024, the Mouvement Ecologique, - like other nonprofit organizations - will no longer be sending out membership cards as they aren't really necessary.*

*We hope that, as a member, you understand and welcome this decision! For the congress, where only members have voting rights, this shouldn't pose a problem. We can check on site in our database whether you are a member or not.*